PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.

Als Partner vun den Enseignanten an den schouleschen Etablissementer stellt den *Institut de formation de l'éducation national* (IFEN) divers Servicer, virun allem wat d'*Insertion professionnelle* an d'*Formation continue* ubelaangt, zur Verfügung.

Fir d'Missioune vum IFEN ze assuréieren, gräift dësen ob Formateuren/-tricen zeréck. Sou organiséiere si zum Beispill d'*Formations générales* ewéi och *spéciales*, si intervenéieren an der Evaluatioun vun de professionelle Kompetenzen, a villes méi.

Niewent de fest agestallte Formateuren/-tricen gräift den IFEN éfters och ob externt Personal zeréck. Dëst gëtt allerdéngs net no engem fixe Salaire, mee no Stonnentariffer ausbezuelt. Mir leien elo Temoignage vir, dass dësem externe Personal vum IFEN refuséiert gëtt, indexéiert Tariffer auszestellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass d'Zuel vum externe Personal, ob dat den IFEN zeréckgräift?
2. Stëmmt et, dass dem externe Personal net erlaabt gëtt, hir Servicer no indexéierten Tariffer ze verrechnen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député